# LOUTRES NEWS



Nov, Dez Nummer 2/2018/2019

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311







## Kreschtmaart zu Miersch 1-2 Dezember

## Kreschtcamp 2-5 Januar

fnel scouts & guides

Les Loutres de Mersch, groupe scout affilé à la FNEL

Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch" A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°02 2018/19

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Chefen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegen Drock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Jacoby<br>17, rue des Champs<br>L-7521 Mersch<br>Tel: 691631616 |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch<br>**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000** |

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:






Fro einfach bei dengen Chefen

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

**FNEL Scouts**
**Les Loutres de Mersch**

16, Haardter Wee, L-7534 MERSCH
B.P.31 L-7501 MERSCH
www.scouts-loutres.lu
CCPL : LU03 1111 2051 4284 0000

Miersch, am Oktober 2018

# Invitatioun op eis Assemblée Générale

« Les Loutres de Mersch » invitéiert Iech ganz häerzlech op hier Generalversammlung

Freides den 16. November 2018

em 19h30 am Home um Haardter Wee

Mir géifen eis freeën Iech alleguer begréissen ze dierfen.

Um Ordre du Jour steht folgendes:

-Begréißung duerch de President

-Rapport vum Groupe

-Rapport vum Sekretär

-Rapport vum Trésorier

-Rapport vun den „Reviseurs de Caisse"

-Décharge vum Komitee

-nei Komiteesmëmberen

-Projets2018/2019

-Divers

Duerno géifen de Komité an d'Cheffen Iech op e Patt an Chili Con Carne inviteiren.

Mir sichen emmer Memberen fir an de Komité. Wann dir drun interesséiert sidd matzeschaffen, meld Iech w.e.g. per email op niccon@pt.lu .

# Beaver

Salut Beaver!
Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz an sidd lo voller Motivatioun fir de Rescht vum 1. Trimester.

Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00. Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhängech vum Wieder, dofir dot hinnen ëmmer Gezai un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.

# Programm vum 1. Trimester



| | |
|---|---|
| 10. 11 | Versammlung |
| 17.11 | Versammlung |
| 24.11 | Versammlung |
| 1.12 | keng Versammlung |
| 1-2.12 | Kreschtmaart |
| 08. 12 | Sortie Kino: Der Grinch |
| 15.12. | Versammlung |
| 22.12.2018 - 06.01.2019 | Vakanz (keng Versammlung) |
| 2.3.01 | Krëschtcamp (2 Deeg fir Beaver) |
| 12.01. | Versammlung |

Wann 's du net an d 'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann ruff eis weg un oder so per Mail Bescheed.

**<u>Deng Chefen:</u>**


Malak (Paul) 621157585 Barry (Jacquie) 621433486
Hawky (Martine)

# Sortie Kino: Der Grinch

Salut Beaver, fir dass dir lo am Ufank vum Dezember och richteg an Chrëschtdagsstemmung kommt, gi mir zesummen de Grinch an de Kino kucken. !Mir ginn de Film op Däitsch kucken!



Wéini?: Samstes den 8. Dezember
(Zäiten ginn annoncéiert soubal de Kino d'Laafzäiten secher huet)

Wou?: Dohinn an zréck zu Miersch-Gare

Käschten: 7,20€ + Täschegeld fir Popcorn etc.

Bei Froën zéckt net laang a schréift ärem Chef eng SMS oder EMail!



# Wëllefcher

## Programm vum 1. Trimester

**Salut Wëllef !**

**Hei den Iwwerbléck vum Wëllefchersprogramm**

**Wei schonn ugekënnegt e WE an e Camp nach bis zum Enn vum Trimester.**

**Et erwaart dech also nach vill Spaass, denk drun dech unzemellen fir näischt ze verpassen.**

| | |
|---|---|
| 10/11: | Versammlung |
| 17-18/11: | WE Nepal |
| 24/11: | Versammlung |
| 1/12: | keng Versammlung |
| 1-2/12: | Kreschtmaart zu Miersch |
| 8/12: | Versammlung |
| 15/12: | Versammlung |
| **22/12 – 6/1** | **Kreschtvakanz** |
| 2-5/1: | Kreschtcamp Zäitrees |
| 12/1: | Versammlung |

**Wanns du Samstes net kommen kanns dann si mer frou wanns de dech bei engem Chef ofmells.**

---

**<u>DENG CHEFFEN:</u>**

| | |
|---|---|
| Andre Jorge CM | 621 715 985 |
| Yannis Demoutiez ACM | 691 859 430 |
| Cassandra Tousch ACM | 621 400 731 |
| Vic Jacoby ACM | 691 63 16 16 |

# Weekend Nepal

**Salut Wëllef !**

Wei schonn virun der Vakanz ugekënnegt maachen mir een Weekend den 17 an 18 November. Eis Rees geet an den Nepal wou mer am Chalet "Paradiso" (Woltz) iwwernuechten. Wann dir interesséiert sidd un hirer Kultur oder wann dir einfach een flotten Weekend all zesummen verbréngen wëllt dann mellt dech séier un.

Mir hunn vill ze Aliewen well FNEL-ONGD am Nepal aktiv ass a verschidden Chefen och schonn mat dohinner waren.





| | |
|---|---|
| **Départ**: | **17.11 um 14:15 Auer op der Gare zu Miersch** |
| **Retour**: | **18.11 um 16:00 Auer op der Gare zu Miersch** |
| **Umellen**: | bis den **14. November** um Site www.scouts-loutres.lu oder per SMS beim Yannis Tel: 691 857 949 |
| **Präis**: | **24€** ze IWWERWEISEN op den Kont „Les Loutres Wëllefcher: CCPL: LU98 1111 2051 4385 0000, Mentioun **„Nepal WE (Numm vum Kand)“** |
| **Mathuelen**: | Dem Wierder u gepassten Kleeder, **Biergschong**, Schlappen, **Schlofsak**, Pyjama, Ënnerwäsch, Gamelle, Besteck, Handduch, **Wäsch Saachen**, Täscheluucht, **Bidon** |

Wann nach Froen sinn oder äert Kand eppes Spezielles brauch sot eis Bescheed, mir sinn ëmmer do fir weider ze hëllefen.

**Lenks Patt**

# Scouten a Guiden

**Léif Scouten a Guiden,**

Scoutsjoer huet schon gudd ungefaang an seu sollt et dann och weidergoen, hai fannt der den Programm vir dei next Wochen. Loos irch iwweraschen wat mir vir irch geplangt hunn an kommt laanst op Versammlungen weu mer zesummen nei Saachen endécken wärten! ☺

| | |
|---|---|
| 10.November: | Versammlung |
| 17.November: | Versammlung |
| 24.November: | Versammlung |
| 1.Dezember: | **Keng Versammlung**(Chrëschtmaart) |
| 8.Dezember: | Sortie BA Beem planzen |
| 15.Dezember: | Versammlung |
| 22.Dezember-6.Januar : | Chrëschtvakanz (**keng Versammlungen**) |
| 2.Januar-5.Januar: | Chrëschtcamp |

Versammlungen sinn Samsten Mëttes vum **14:00** bis **16:00** bei eisem Home zu Miersch.Falls du enkeier Samstes **net kanns kommen** waeren mir freu wanns du dech **am viraus ofmells (per Mail oder Sms bei engem Chef)**, damat mir eis Versammlung och kennen genaust plangen. **Merci!**

**Lénks Patt,**

**Deng Scoutscheffen**

| | | |
|---|---|---|
| Carissia Demoutiez CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |
| Claire Merenz ACT | 661929592 | claire.merenz@hotmail.com |



## Scouten a Guiden

## **Léif Scouten a Guiden**



Wei all Joer man mir och dëst Joer rëm eng BA (Bonne Action) vir Gesellschaft, genau sou wei mer et an eisem Verspriechen gesot hunn! Well mir lo schonn sou oft Kichelcher an Altersheem gedroen hunn, hunn mer eis dëst Joer iwwerluecht dass et un der Zäit ass mol ze wiesselen. Klengen Trommelwirbel… ma mir wenden eis mol un Natur!! An wei mer dat man, dat frees du dech? Ma mir ginn Beem planzen, well souvill Beem vum Borkenkäfer ugegraff goufen an mir des net einfach fortloosen kennen.☺

Wéini? Den 8 Dezember 2018

Wou? Beckerich um Kuelebierg (rue de Kahlenberg)

Rendez-vous? Zu Beckerich um **9:00**

Retour? Op der selwechter Platz um **17:00**

Umellen : Beim Carissia Demoutiez ënnert den Kontaktdaten ënnen op der Säit, wann froen sinn zeckt net een vun eis Chefen unzeruffen.

Wat mathuelen? **Picknick vir Mëttes**, Bidon mat Waasser, Täschemesser Scoutsbichelchen (wann 's du eent hues) , alles an engem **Rucksack** agepak, **Reenjackett an waarm Kleeder** (mir wäerten den ganzen Dag am Bësch bleiwen)

Lénks Patt
deng Scoutschefen


| | | |
|---|---|---|
| **Carissia Demoutiez** CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |

Explorer

# Programm 1. Trimester

Salut Explorer!

Hei den Deel tëscht den 2 Vakanzen. Nach e puer knackeg a lëschteg Aktivitéiten bis Krëschtdaag!



| | |
|---|---|
| 10. November | Versammlung |
| 17. November | keng Versammlung |
| 24. November | Versammlung Preparatioun Krëschtmaart |
| 1-2. Dezember | Krëschtmaart zu Miersch |
| 8. Dezember | keng Versammlung |
| 15. Dezember | Sortie |
| 2.-5. Januar | Krëschtcamp |

Eis Versammlungen sin, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home. Wann een net kommen kann soll en sech wegl oofmellen.

---

Louis Watgen – RUE
Paul Grüneisen – ARUE
Mich Grüneisen – ARUE
Pierre Prickearts - ARUE

# Kreschtmaart den 01. an 02.12.18

## Samstes vun 17 - 01 Auer

## Sonndes vun 11 - 18 Auer



fnel scouts & guides

Les Loutres de Mersch

www.fnel.lu / T.: +352 26 480 450

**Weinzoosis mat Moschterzoos a Brout**

**Panecher a Schoki**

**Glühwein, Beier, Softdrinks**

Kommt bei ons op der Mëchelsplaatz laanscht a schmaacht eis lecker Saachen bei gudder Stëmmung.

fnel scouts & guides

**Salut Beaver, Wëllef, Scouten, Guiden an Explorer**




No Silvester maache mir eis op eng Zäitrees mat eiser Zäitmaschinn. Wouhin et geet dat wësse mer nach net well dofir brauche mir Hëllef vun engem Expert, deen besser versteet wie sou eng Zäitmaschinn funktionéiert.

**Wéini an Wou:** **02-05. Januar 2019 zu Suessem**

**RDV:** den 02. Januar 19 um 14:15 Auer zu Miersch op der Gare

**Retour fir d'Beaver :** den 03. Januar um 17 Auer zu Suessem beim Home Luss Collini 18, rue du château L-4992 Sanem)

**Retour fir all dei aaner:** den 05. Januar um 15:35 Auer zu Miersch op der Gare

**Mathuelen:** Schlofsak, Pyjama, Gamelle, Besteck, Becher, Kichenduch, Biergschong, Turnschung, Schlappen, Waarmt Gezei, dem Wieder ugepasst (Ersatz Kleeder), Ënnerwäsch, deck Strëmp, Wäsch Saachen (Zännbiischt etc), Schwammsaachen ausser fir Beaver, Wanter Jackett, Mutz, Händchen, Schaal, Uniform a Foulard (um RDV), Täscheluucht, evtl.Täschemesser, dem Wëllefchen seng 5 Saachen resp Scoutsbichelchen an gudd Laun.



**Unmellen:** Op eiser Webpasge oder per mail bis den 27. Dezember 2018

**Präis:** Beaver: 25 € - all dei aaner: 80 €
Iwerweis weg Suen bis **den 27. Dezember 18** op de Kont „Les Loutres Mersch" **CCPL LU97 1111 0731 7537 0000**
mat der Mentioun „Zäitrees 2019" an „Numm vum Kand"

Lenks Patt, deng Cheffen

***Moien Beaver, Wëllef, Scouten, Guiden an Explorer***

# CAMP 50 Joer

Dir hudd schon alleguer dervun héieren. An der Ouschtervakanz vum 6 bis 12 Abrëll maache mer een Auslandsgruppecamp zu Oochen.

Hei een Iwerbleck vun der Campplaatz. Et ass richteg flott Plaatz mat genauch Plaatz fir Zelter a Spiller. Een Chalet ass och dabei wou eis Beaver a Wëllefcher dra schlofen.

Mir sin awer och ganz no bei Ochen selwer an domadder vill Meiglechkeeten fir Aktiviteiten ausserhalb vun der Campplaatz.





Fir elo besser plangen ze kennen get et Zait fir sech definitif unzemellen.

Délais: 15 Dezember 2019

- Sech umellen iwert Webpage wann et nach net gemaach ass
- Den 1 Deel vun 50 Euro iwwerweisen - Kont „Les Loutres Mersch“ **CCPL LU97 1111 0731 7537 0000** mat der Mentioun „Camp 50 Joer“ an „Numm vum Kand“

**Nach e puer Detailer:**

- De Prais vum Camp steet nach net fest mee méi wei 200 Euro muss kee bezuelen.
- Et get eng Optioun fir nëmmen 3 Deeg Camp also vum 6-8 Abrëll, fir jiddereen deen keng 7 Deeg pakt. An deem Fall mussen Elteren awer Kand op Aachen sichen kommen a mat eis zesummen zu Owes Iessen.
- Den Transport maachen mer mam Bus vun Miersch aus.

Bei weider Froen mellt iech einfach bei eis.

Lenks Patt, deng Cheffen